



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 16. November 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géingen mir Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsministesch an un den Här Sozialminister weiderzeleeden.

Aus Berichter an de Medien geet ervir, dat et Retarden vu bis zu 9 Méint gëtt, ier innovativ Medikamenter hei zu Lëtzebuerg um Marché disponibel sinn. Schold un dem Mësstand wier eng Ëmstellung vum System an der Belsch. Betraff sinn an éischer Linn Kriibspatienten a Patienten, déi eng rar Krankheet hunn. Aus de Berichter geet och ervir, dat Dokteren kënnen eng individuell Demande maachen, wann e Medikament um Lëtzebuerger Marché nach net offiziell disponibel ass. An dem Zesammenhang wollte mir folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch an un den Här Sozialminister stellen:

- Missten Dokteren net grondsätzlech alleguer informéiert ginn, dat si kënnen eng individuell Demande maachen, wann si der Iwwerzeegung sinn, dat en innovatiivt Medikament beim Traitement vun engem Patient sënnvoll ass?
- Wéi laang dauert et, bis esou eng Demande accordéiert gëtt?
- Wéi vill a watfir Medikamenter sinn vun de Retarden betraff?
- Wéi kann en verhënneren, dat Lëtzebuerg a Fäll, wou et ëm Liewen an Doud kann goen, vun der Belsch ofhängeg ass?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Max Hengel,
Deputéierten

Jean-Marie Halsdorf
Deputéierten